**30 Projeten ginn an der 4. Sessioun vun dësem Joer vum Filmfong finanziell ënnerstëtzt**

**30** Filmprojete kréie finanziell Ënnerstëtzung vum Filmfong. Dat huet de Comité de sélection de Méindeg den Owend matgedeelt.

An der Produktioun goufen **8** Projeten vun lëtzebuerger Réalisateuren ënnerstetzt :

- De long-métrage **Headless** vum Govinda Van Maele ;
- De long-métrage **Mortal Beings** vum Emile V. Schlesser ;
- De long-métrage d'animation **Barababor : le livre des contes** vum Laurent Witz ;
- D'Serie **Lazarus** vum Max Jacoby ;
- D'Animatiounsserie (court format) **Wurst News** vum Jacopo Armani ;
- De court-métrage **On my Side** vum Rita Reis ;
- De court-métrage **Flap** vum Rari Matei ;
- De court-métrage **Who will separate us** vum Gil Pinheiro.

Am Ganze ginn 17 Filmer vun lëtzebuergesche Réalisateuren ënnerstëzt.

De Comité de sélection kënnt all Joers véier Mol zesummen, déi nächst Sessioun wäert dann am Februar 2026 stattfannen.

Déi komplett Lëscht mat alle Projeten, déi zeréckbehalen goufen, fannt Dir am offizielle Pressecommuniqué vum Filmfong.